

**Evangelium vun der Ouschternuecht
a vun Ouschteren (am Dag) (Joer C)**

Lk 24,1-12

- 1 Deen éischten Dag vun der Woch, an aller Herrgottsfréi,
sinn d'Frae bei d'Graf gaang
an hunn d'Essenze matgeholl, déi si preparéiert haten.
- 2 Si hu gesinn,
datt de Stee vum Graf ewechgerullt gi war,
- 3 a wéi si eragaang sinn,
hunn si dem Jesus, dem Här, säi Läif net fonnt.
- 4 Wéi si do stoungen an hirer Hänn kee Rot méi woussten,
koumen zwéi Männer a glënnerege Kleeder op si duer.
- 5 Si hunn et mat der Angscht ze doe kritt
an hunn an de Buedem gekuckt;
déi zwéi Männer awer soten zu hinnen:
"Firwat sicht dir dee Liewege bei deenen Doudegen?"
- 6 Hien ass net hei,
hien ass aus dem Doud erwächt ginn!
Erënnert iech drun, wat hien iech gesot hat,
wéi hien nach a Galiläa war:
- 7 De Mënschejong muss u sënnege Mënschen ausgeliwwert
a gekräizegt ginn
an deen drëtten Dag operstoen."
- 8 Dunn hunn d'Fraen sech un seng Wieder erënnert.
- 9 Wéi si vum Graf zréckkomm sinn,
hunn si deenen Eelef an deenen aneren alles erzielt.
- 10 Déi, déi den Apostelen dat gesot hunn,
waren d'Maria vu Magdala,
d'Johanna an d'Maria, dem Jakobus seng Mamm,
an och déi aner, déi bei hinne waren.

¹¹ Ma hir Wieder sinn deene virkomm wéi dommt Geschwätz,
an si hunn de Fraen net gegléift.

¹² De Péitrus awer ass opgestan an ass bei d'Graf gelaf;
hien huet sech eragebéckt
an huet soss näischt gesi wéi d'léngen Dicher.
Dunn ass hien heemgaang,
verwonnert iwver dat, wat geschitt war.